Rabais an der Belsch

dem Präsident säin Dag

Haut Samschdes den 22. März 2014 wor et erëm esouwäit, Rabais an der Belsch wor ugesot an den harden Kär vun den Fëscher vum Fly Fishing Club Lëtzebuerg wor ungetrueden fir eisen Präsident héichliewen ze loossen. Den Dag no eiser Generalversammlung treffen mir eis ëmmer fir zesummen op den Séi vun Rabais fëschen ze goën an ewell et Owes och ewei ëmmer ee bëssen spéid gin wor konnt een dann och Moies vill midd Fëscher gesin. Dës Kéier wor dann och eemol éng Kéier net den Änder den Éischten, ewei mir Moies um Séi bäigefour sin do wor den Patrick schon am Gaangen Fësch ze fänken, mée och den Änder an den Marc woren schon äifreg am Gaangen hir Mécken auszegehäien an d'Fësch woren och direckt um Rendez – vous. Lues a lues sin dun d'Fëscher angetraff an hun ungefaangen hir Staangen opzeriichten ewoubai dat obligatorescht Gestëppels natirlech net ze kuurz komm ass.

Natirlech ass fir unzefänken eemol éng Kéier dat Erliewten vum Virdag bei onserer Generalversammlung opgeschafft gin, “ so eemol ewei hues Du d´Hiemer fond ”, “ een Gléck dass et op Manst pain surprise gin ass sos wär ech an den Ënnerzocker gefall “, “ wat häls Du dann vun der Iddi an den Bräurup ze fueren ” jee den leschten Beschass alt, mée dat gehéiert beim fëschen onbedéngt dozou.

Et ass awer och vun Unfank aus un gudd gefaangen gin an déi meeschten Fësch, ewei soll et och anneschters zu Rabais sin, sin mat drechenen Mécken gefaangen gin. Eis Kongkurfëscher hun awer och dovunner profitéiert fir esou munech taktesch Finesse auszeprobéieren déi mir natirlech net hei veroden wëllen.

Mir haten och Moies nawell Chance mam Wieder, och wann een strammen Wand gebloossen huet esou sin mir awer vum Reen verschount gin an d´Sonn huet sech och hei an do gewissen, Temperaturen woren zwar vis a vis vum Virdag zimlech an den Keller gefall mée dat huet den Fësch awer wéineg ausgemeet.

Natirlech huet sech eisen Präsident den Jeek och dës Kéier net huelen geloos an huet eis mat Crémant, pain surprise an wonnerbaren Toarten verwinnt, jee den Jeek wees eben wat sech gehéiert mée esou gët Hien eis awer Nie las. Dodernieft hat den Christian, den Gardien vun Séi, een Eintopf mat Speck an Mëttwurscht zervéiert an dëst Joër ass mat Sécherheet keen hongreg vum Dësch gaangen.

Mëttes sin mir dun nach ee bëssen gewäscht gin awer dat huet eis mat gudd gesiedegtem Bauch séier wéineg ausgemeet. Mëttes woren d´Fësch vill méi schéih ewei Moies, zwar sin d´Fësch nach ëmmer gestiegen mée Sie hun nëmmen no der Méck gestouss an eis dobäi éng laang Nues gemeet ewell wann mir ugeschloën hun Näischt méi nokomm ass. Mée wann een ausdeelen kann dann muss een och anstiechen kënnen an esou frëen mir eis elo op eis nächsten Sortie am Abrëll op Lacroix sur meuse ewou mir och schon vill schéin Stonnen konnten verbréngen.